LSAP

N° 4232
Reçue le 06.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.05.2021

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 06. Mee 2021

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wunnengsbauminister an den Här Mëttelstandsminister weiderzeleeden.

D'Präisser vum Logement halen net op mat klammen. De rezenten Zuele vum Statec no, ass de Präis vu engem Eegenheem zu Lëtzebuerg innerhalb vun engem Joer ëm 16,7% an d'Luucht gaangen. Wärend dës Hausse haaptsächlech aus der Diskrepanz tëscht Offer an Demande entsteet, kënnt elo e Problem, deen zu enger weiderer Käschtenexplosioun kéint féieren, derbäi. Stëmmen aus der Baubranche warnen nämlech virun enger enormer Hausse vun de Präisser vun de Baumaterialien well et duerch d'Pandemie Problemer an de Liwwerketten, an der Gestioun vun de Stocken, grad wéi beim Bezéien vu Matière Première ginn.

An deem Zesummenhang wëlle mir dem Här Wunnengsbauminister an dem Här Mëttelstandsminister dës Froe stellen:

- Hunn d'Ministeren en Iwwerbléck doriwwer wéi d'Käschten vun de verschiddene Baumaterialien an d'Luucht gaangen sinn, oder droen ze goen?
- Wéi eng Baumaterialien, respektiv Réimaterialien sinn hei haaptsächlech betraff? Ginn et Alternativen déi kéinten an den Asaz kommen?
- Kommen déi Matièren ëm déi et hei geet aus bestëmmte Regiounen vun der Welt? Ween sinn d'Fournisseuren? Mussen déi Lëtzebuerger Betriber nach dacks iwwer Grossiste fueren, wat de Problem nach verschlëmmere kéint?
- Wéi eng Deeler vun der Baubranche riskéieren hir Matière net erbäi ze kréien oder dat just zu iwwerdeierte Präisser? Wat bedeit dës Situatioun fir d'Entreprisen aus dem Mëttelstand, déi hei zu Lëtzebuerg an dësem Secteur aktiv sinn?
- Sollt et zu der virausgesoter Käschtenexplosioun kommen, wéi eng Auswierkungen hätt dat op Bauprojete vu Privatstéit? Wat wieren d'Repercussiounen op de Logementsmarché zu Lëtzebuerg insgesamt?

LSAP

- Et gëtt no enger “Fristenverlängerung” wat d’Realisatioun vu Chantieren ugeet, gefrot. Wëll d’Regierung där Demande nokommen?
- Ass mat weidere Mesuren vun der Regierung ze rechnen fir där heite Problematik entgéint ze wierken?
- Stinn d’Groussregioun an Europa kuerz-, mëttel- a laangfristeg hei virun engem gemeinsame Problem? Soll hei no enger grenziwwerschreidender Léisung gesicht ginn?
- Ass envisagéiert de betraffene Firmen respektiv de Clienten berodend zur Säit ze stoen?

Mat déiwem Respekt,

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Francine Closener
Deputéiert

N° 4232
Reçue le 03.06.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation

5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le - 3 JUIN 2021

Dossier suivi par:
Stéphane Andreolli
'ir 247-84812
I:::I qp@ml.etat.lu

Ntr.réf.: 2021/QP4232/Di Bartolomeo_Closener/RépMinComm/sa

Concerne: **Question parlementaire n°4232 du 6 mai 2021 posée par les Honorables Députés Mars Di BARTOLOMEO et Francine CLOSENER concernant la pénurie de matières premières et de matériaux.**

Monsieur le Ministre,

En réponse au courrier électronique du 6 mai 2021 en relation avec l'objet sous rubrique, j'ai l'honneur de vous transmettre en annexe à la présente la réponse commune du Ministre du Logement et du Ministre des Classes moyennes à ladite question parlementaire.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre au Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Pour le Ministre du Logement

Î. Mike MATHIAS
P7m1er Conseiller de Gouvernement

Äntwert vum Här Henri Kox, Wunnengsbauminister, an dem Här Lex Delles, Minister fir Mëttelstand, op d'parlamentaresch Fro n°4232 vum 6. Mee 2021 vun den éierbaren Deputéierte Francine Closener a Mars Di Bartolomeo zum Thema « pénurie de matières premières et de matériaux ».

Hunn d'Ministeren en Iwwerbléck doriwwer wéi d'Käschte vun de verschiddene Baumaterialien an d'Luucht gaange sinn, oder droen ze goen?
Duerch eng Enquête vun der Chambre des Métiers ass et méiglech déi Baumaterialien, déi vun enger Präishausse betraff sinn, ze benennen. Donnée'en iwwert d'Präisevolutioun vun de verschiddene Baumaterialie ginn et momentan net. Et ass zur Zäit och net méiglech virauszegesinn, ob et sech bei der Präishausse vu Baumaterialien ëm en kuerzfristegt oder en längerfristegt Phänomen handelt.

Wéi eng Baumaterialien, respektiv Réimaterialie sinn hei haaptsächlech betraff? Ginn et Alternativen déi kéinten an den Asaz kommen?
Am Mäerz 2021 huet d'Chambre des Métiers eng Enquête am Handwierkssecteur gemaach, fir erauszefanne wéi eng Baumaterialie vun enger Präishausse betraff sinn. Déi am heefegste genannte Materialie waren: Stol, Holz, Isoléiermaterial, Metall, Glas, Elektromaterial, Lackéierfaarf, Bëtong a Réier. D'Hausse vun de Präisser betrëfft deemno quasi d'Totalitéit vun de Baumaterialien.
Et ass schwiereg zum jëtzegen Zäitpunkt Alternativen ze benennen. An dësem Kontext ass et wichteg ze betounen, datt d'Cahiers des charges vun den ëffentlechen Opträg aus juristesche Grënn net onbedéngt d'Notze vun alternative Materialien erlaben.

Kommen déi Matièren ëm déi et hei geet aus bestëmmte Regioune vun der Welt? Ween sinn d'Fournisseuren? Mussen déi Lëtzebuerger Betriber nach dacks iwwer Grossiste fueren, wat de Problem nach verschlëmmere kéint?
Déi vun der Präishausse betraffe Materialie kommen aus ënnerschiddleche Regiounen. Zu de méiglechen Ursaache vun de Liwwerenkpäss gehéieren allerdéngs sécherlech déi weltwäit Covid-19-Pandemie souwéi eng staark Hausse vun der internationaler Demande, besonnesch aus den USA a China.

Wéi eng Deeler vun der Baubranche riskéieren hir Matière net erbäi ze kréien oder dat just zu iwwerdeierte Präisser? Wat bedeit dës Situatioun fir d'Entreprisen aus dem Mëttelstand, déi hei zu Lëtzebuerg an dësem Secteur aktiv sinn?
All Secteuren, déi Holz, Metall, Isoléiermaterial asw. benotzen, si betraff. D'Liwwerenkpäss kënnen des Weideren zu Retarden op de Chantiere feieren. Dëst huet natierlech en Afloss op d'Produktivitéit.

Sollt et zu der virausgesoter Käschtenexplosioun kommen, wéi eng Auswierkungen hätt dat op Bauprojete vu Privatstéit? Wat wieren d'Repercussiounen op de Logementsmarché zu Lëtzebuerg insgesamt?
Et ass momentan nach net virauszegesinn, ob et sech bei der Präishausse vu Baumaterialien ëm en kuerzfristegt oder en längerfristegt Phänomen handelt. Deementspriechend ass et net méiglech virauszesoen, wéi eng konkret Auswierkungen eng méiglech dauerhaft Präishausse vu Baumaterialie kéint hunn.

Et gëtt no enger "Fristeverlängerung" wat d'Realisatioun vu Chantieren ugeet, gefrot. Wëll d'Regierung där Demande nokommen?
Ass mat weidere Mesure vun der Regierung ze rechne fir där heite Problematik entgéint ze wierken?
D'Realisatioun vu Chantiere baséieren ob privatrechtleche Kontrakter tëschent 2 Acteure wou d'Regierung sech net amesche kann.

Stinn d'Groussregioun an Europa kuerz-, mëttel- a laangfristeg hei virun engem gemeinsame Problem? Soll hei no enger grenziwwerschreidender Léisung gesicht ginn?
Et ass zur Zäit net méiglech virauszegesinn, ob et sech bei der Präishausse vu Baumaterialien ëm en

kuerzfristegt oder en längerfristegt Phänomen handelt.

Ass envisagéiert de betraffene Firme respektiv de Cliente berodend zur Säit ze stoen?
D'Chambre des Métiers steet bei all Fro vu betraffene Clienten oder Entreprisë berodend zur Säit.